n° 2801

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:14, 11/09/2020

Lëtzebuerg, den 11/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

All Dag loossen sech dausende Residenten a Frontalieren op de Sars-Cov-2 testen. Den Aarbechtsopwand vun de Laboratoiren huet sech deemno säit dem Ausbroch vum Coronavirus däitlech erhéicht. D'Laboe mussen nieft deenen Tester nämlech och nach aner Tester auswäerten, wéi zum Beispill "normal" Bluttanalysen. De Leeddroenden dovunner ass den normale Patient, dee sech muss hannen ustellen an a verschiddene Fäll mi laang op seng Resultater vun enger Bluttanalys waarde muss.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, datt d'Waardezäite vun der Prise de sang bis zu de Resultater fir aner Bluttanalysen sech duerch di héich Unzuel u Covid-19-Tester verlängert hunn? Falls jo, ëm wéi vill Deeg hunn sech d'Waardezäiten am Schnëtt verlängert?
2. Schafft de Ministère zesumme mat de Laboen un enger Verbesserung vun der Situatioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 15:20, 07/10/2020

Luxembourg, le 6 octobre 2020

**Réf.** : 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire n° 2801 du 11 septembre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2801 du 11 septembre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant la "Charge de travail dans les laboratoires".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

137-000010-20040525-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2801 du 11 septembre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant la "Charge de travail dans les laboratoires".**

Et ass effektiv esou dass d' Charge de travail aktuell ganz héich ass fir d' Laboratoiren. Dëst erkläert sech aus der COVID-19 Pandemie wou vill diagnostesch Tester gemaach ginn. De Large Scale Testing (LST) dierft mat der normaler Routine an de Laboen net interferéieren well de Labo deen dës Tester mécht zousätzlech Équipementer kaf a Personal agestallt huet. Och d' Prelevementer fir den LST gi vun speziellem Personal op separaten Siten gemaach.

D' normal diagnostesch Tester fir COVID-19 ginn op Ordonnance vun engem Dokter gemaach. Verschidden Laboen acceptéieren och Leit déi ouni Ordonnance kommen. D' Direktioun vun der Santé huet dës Praxis ëmmer décourageiert, well si der Meenung ass dass esou een Test vun engem Dokter sollt opgeschriwwen ginn, deen fir d 'éischt préift op den Test och néideg ass. Et gi leider vill onnëtz Tester gemaach, zum Beispill um Enn vun engem Isolement fir eng COVID-19 Infektioun, obwuel dat weder systematesch vun nationalen nach internationalen Autoritéiten recommandéiert gëtt.

D' Waardezäite fir normal Routine Analysen sinn liicht erop gaangen. Mir schwätzen hei awer generell vu Minutten bis Stonnen, a net vun Deeg.

D' Direktioun vun der Santé steet séit dem Ufank vun der Epidemie a regelméissege Échangen (minimum 1x/Woch) mat de Laboen fir eventuell Problemer ze diskutéieren a Léisungen ze fannen. D' Direktioun vun der Santé huet de Laboen och rezent Recommandatiounen gemaach fir verschidden Tester eng Prioritéit ze ginn. Den Haaptproblem schéngt awer d' Disponibilitéit vu Personal ze sinn, dat och schwéier ze rekrutéieren ass.